



Infoe ginn et beim Liz:
liz.feinen@lgs.lu
Tel. 26 94 84 36

*Schwätz mat!*
*Maach mat!*
*Bestëmm mat!*

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

# De Mini-Grupperot

Dir sidd der Meenung, d'Kanner an d'Jugendlecher sollten am Grupp matschwätzen, matgestalten a matbestëmmen?
Dir wëllt de Kanner a Jonken aus ärem Grupp d'Méiglechkeet ginn hir Meenung fräi ze äusseren, konkret Virschléi ze maachen an sech mat deenen anere Branchen austauschen ze kënnen? Si sollen sech aktiv an d'Geschéie vum Grupp abréngen an Decisioune mattreffen däerfen?

**Dann ass de Mini-Grupperot genau dat richtegt fir iech!**

De Mini-Grupperot besteet aus 1-2 Vetrieder aus all Branche a gëtt vum Gruppechef:taine moderéiert. De Mini-Grupperot trëfft sech a reegelméissegen Ofstänn a bitt de Kanner a Jonken aus dem Grupp d'Méiglechkeet Theemaen, déi si an hirem Scoutsliewe beweegen unzeschwätzen an Afloss op d'Geschéien an hirem Grupp ze hunn.
Duerch de Mini-Grupperot kënnen déi Jonk motivéiert ginn, Verantwortung an Initiative ze ergräifen. Déi Jonk erliewen, dass si Deel vun engem Ganze sinn.

**Dir sidd interesséiert de Mini-Grupperot bei iech am Grupp ëmzesetzen?**

**Dann mell iech beim Liz: *liz.feinen@lgs.lu***

**Ech begleeden iech bei der Aféierung an ëmsetzung vum Mini-Grupperot an ärem Grupp!**